

Script for Video 2: I am young, how will I be affected?

This episode was produced in partnership with the International Federation of Medical Students' Associations.

For more information about the project, follow @UNFPA and @UNFPAYouth

#YouthAgainstCOVID19

Visuel 1 : Moiën!

- **Stell dech an de Video fir:** Ech äntweren op verschidde Froën déi ons all beschäftegen. Wéi sinn déi Jonk vum Virus betraff? A wat kann ech maachen fir mech a meng Matmënschen ze schützen?
- All d'Informatioun déi ech iech hei wärt deelen baséieren op de Recommandatiounen vun der *Organisation mondiale de la santé*. Fir weider Informatiounen, kuck de Site vun der OMS a verfolleg déi läscht Updates.
- Et ass mer och wichter ze preziséieren dass verschidden Informatiounen déi ech iech haut wärt zielen am Laf vun der Zäit ännere kënnen, wëll d'Epidemie evoluéiert ganz rapid a mir léieren all Dag Neies iwwer dës Krankheet.

Visuel 2 : Sinn déi Jonk wierklech vum COVID-19 betraff?

- De COVID-19 trëfft verschidde Gruppe méi staark, virun allem déi eeler Persounen a Persounen mat verschiddenen medizinesche Virgeschichten.
- Mee pass op! Mir sinn all do net ganz ausgeholl – déi Jonk sinn net immun oder soss geschützt virun der Krankheet.
- Och wann de mortalitéits Taux bei de Jonken méi niddereg ass, kënnen vereenzelter vun iech (ronn 3%) ganz schlëmm krank ginn an op eng Klinik ugewise sinn. Effektiv ass een net onweesentlechen Undeel vun de Patienten déi mussen an der Klinik sinn ënner 50 Joër.

Visuel 3 : Wéi betrëfft eis de COVID-19 Ausbroch?

- Mir sinn all vum COVID-19 op ënnerschiddlech Manéieren betraff, mir kënnen keng Kollegen oder Famill méi treffen, d'Schoulen mussen zou bleiwen, och de Besuch an d'Restauranten a Caféen ass net méi erlabt.
- Vill Leit kënnen am Moment net schaffe goën a krien manner oder guer keng Paye.
- Fir verschidder vun ons ass och d'Doheem keng sécher Plaz a méi Zäit doheem erhéicht esou de Risiko vu Gewalt oder Mëssbrauch. D'Pandemie verschärfet och vill Ongläichheeten, besonnesch och d'Ongläichheeten vum Geschlecht. Dat bedeit dass Fraën a Meedercher engem erhéichte Risiko vu Mëssbrauch ënnerleien.

Visuel 4 : ... an ons Familljen?

- Ons ganz Famill a Leit déi ons no stinn verspiere och den Impakt vum COVID-19 op ënnerschiddlech Manéieren. Si kënnen villaicht am Moment net schaffe goën oder ville sech ganz onsécher wat hir Zukunft ugeet.
- Deemo wéi ass och d'Responsabilitéit doheem elo eng aner, wëll jiddereen zesumme muss eng Hand upaaken.

Visuel 5 : Virun all dësen Ännerungen ...

- Musse mir ons drun erënneren dass et ganz normal an natierlech ass séch am Moment net ganz wuel ze spieren.
- Ass et wichteg ze verstoën dass jiddereen ënnerschiddlech op déi aktuell Situatioun reagiert.
- D'Moosnahme vum Confinement, vun der Isolatioun an der Quarantaine hunn en Impakt op all Mënsch. Vill ënnert ons spiere sech heiansdo machtlos, ängschtlech, alleng oder einfach extrem gelangweilt.

Visuel 6 : Wat kanns du maachen? Kleng Aktiounen kënnen vill bewierken!

- Gerod net a Panik mee informéier dech op der Websäit vun der OMS/WHO a befolleg d'Riichtlinnen.
- Pass op dech op, op deng Famill an däin Ëmfeld.

- Weis dech solidaresch, virun allem mat deenen vulnérabelen Persounen.

Visuel 7 : Fir deng Gesondheet an ee gudd Gefill

- Dat wichtegst wats de kanns maachen ass fir dech géint de Virus ze schützen. Wanns de net wees wéi, da kuck den 1. Video vun onser Série.
- Sou gudd ewéi iergentwéi méiglech, probéier gesond ze liewen – iess gesond, pass op genuch ze schlofen a probéier dech genuch ze beweegen.
- Huel, am Fall wou deng néideg Medikamenter a kontaktéier wann néideg en Dokter.

Visuel 8 : Fir deng Gesondheet an ee gudd Gefill

- Deng mental Gesondheet ass grad esou wichtig ewéi deng kierperlech Gesondheet. Hei sinn epuer Tipps fir #gesundDoheem ze bleiwen
- Pass op deng eegen Bedürfnisser a Gefiller op
- Du bass net eleng. Deel deng Gefiller enger Persoun mat därs de no stees a vertraus.
- Wanns de dech gestresst fills da limitéier deng deeglech Opnahm un Informatiounen a maach och emol Pausen op de sozialen Réseauen.
- Eng physesch Distanz anhalen heescht net dass de kee Kontakt hale kanns. Zum Beispill kanns de dech regelméisseg zu bestëmmten Zäiten mat Kollegen online treffen
- Hal eng deeglech Routine bäi a probéier Saachen ze maachen déi Stress reduzéieren
- Fir weider Ideeën, lauschter ons nächst Episod iwver déi mental Gesondheet

Visuel 9 : Fir deng Famill

- Den Dr. Tedros vun der OMS seet : De Choix op wéieng Plazen dass de gees oder net, kann den Ënnerscheid vu Liewen an Doud fir en aneren bedeiten. Maach alles wats de kanns fir fir d'Sécherheet vun dénge Matmënschen ze suergen.
- Deel däi Wëssen iwver d'Préventioun mat denge Kollegen a Famill. Sief virsichtig mat de Persounen déi vulnérabel sinn. Sief ee Virbild fir deng Famill an deng Gemeinschaft, virun allem fir déi déi méi jonk sinn ewéis du.
- Denk drun regelméisseg bei de Leit aus denger Famill nozefroen wéi et hinne geet a fro se ops de eppes kanns hëllefen.

Visuel 10 : Fir deng Matmënschen

- Däi Wierken kann e positiven Impakt op deng Matmënschen hunn.
- Bleif informéiert iwver fiabel Sourcen a bekämpf d'Désinformatioun oder d'Fake News.
- Du kanns benevol ganz vill hëllefen andeems de natirlech déi néideg Sécherheets Aspekter beuechs.
- Bekämpf d'Stigmatiséierung an d'Discriminatioun. De COVID-19 ass eng global Pandemie déi jidderee betrëfft, onofhängesch vun der géographescher oder ethnescher Origine, dem Alter oder dem Geschlecht. Jiddereen ass a Gefor.
- Weis deng Ënnerstetzung fir all Arbechter dee séch a Gefor bréngt, ewéi d'Leit a Gesondheetsberuffer, am Secteur Alimentaire, a vill méi ...

Visuel 11 : Deel däi Message!

- Elo wou's du méi driwwer wees wéi och Jonker vun der COVID-19 Pandemie betraff sinn, a wéi ee kann Mesuren ergräifen fir séch selwer an déi aner ze schützen, benotz dese Modell fir däin eegene Video ze maachen a mat dénge Frënn ze deelen!
- Wanns de hei eppes neies geléiert hues, wend dech u mech fir däin eegene Video opzehuelen an ze deelen.